# BANK PHISHING E-MAILEN



Phishing bezitt sech op frauduléis E-Mailen, déi den Empfänger dozoubréngen, seng perséinlech, Finanz- oder Sécherheetsinformatiounen ze deelen.

## WÉI FONCTIONNÉIERT DAT?

**Dës E-Mailen:**

kënnen d'selwecht ausgesinn wéi Zorte vu Korrespondenz, déi d'Bank effektiv erausschéckt.




kopéieren d'Logoen, de Layout an den Toun vun de richtegen E-Mailen.

bieden Iech, en Unhang erofzelueden oder op e Link ze klicken.

benotzen eng Sprooch déi eng Urgence iwwermëttele soll.

## WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Haalt är Software um neiste Stand;** äre Browser, Antivirus a Betribssystem abegraff.
- **Passt speziell op**, wann eng E-Mail vun enger 'Bank' Iech sensibel Informatioune freet (z.B. ärt Passwuert vun ärem online Bankkont).
- **Kuckt Iech d'E-Mail genau un:** vergläicht d'Adress mat virege richtege Messagen vun ärer Bank. Kontrolléiert och op Schreif-oder Grammatiksfeeler dra sinn.
- **Äntwert net op eng verdächteg E-Mail**, schéckt se léiwer un är Bank, andeems Dir d'Adress selwer antippt.
- **Klickt net op de Link an luet den Unhang net erof,** tippt léiwer d'Adress an äre Browser.
- Am Zweiwelsfall, **kuckt nach eng Kéier um** Website vun ärer Bank no oder rufft se un.

Cyberkrimineller verloosse sech drop, dass d'Leit beschäftegt sinn; am éischten Ament schéngen dës falsch E-Maile legitim ze sinn.

Passt op, wann Dir e mobillen Apparat gebraucht. Et kéint méi schwéier sinn, e Phishingversuch iwwer ären Handy oder är Tablett ze erkennen.

#CyberScams




EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG
Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADEIN.LU
BEE SECURE